# OP DE PUNKT.

Abräll 2023



## JO ZUM SCHOULËMBAU, MEE ...

Nodeems festgestallt gouf, datt den Daach vun der Primärschoul misst komplett erneiert ginn, koum d'Iddi op, fir en zousätzleche Stack mat Schoulraim ze schafen. No de Virstellunge vum Schäfferot kënnen doduerch Klasseraim aus dem neien Trakt vun der Schoul ënner den Daach verluecht ginn, wouduerch zousätzlech Plaz fir d'Maison Relais am neien Trakt vun der Schoul entsteet. Deemno kann een net vun engem Schoulausbau schwätzen, mee vun engem Ëmbau vun der Schoul.

Opgrond vu staatlechen Oploe muss awer dat ganzt Gebai den neie Sécherheetsvirschrëften ugepasst ginn. Dat gëtt eng schwiereg Zäit fir eis Schoulkanner a fir d'Léierpersonal, wat de Kaméidi vum Chantier an d'Sécherheet ugeet. D'Biisser CSV-Fraktioun wäert dëse Chantier dofir ganz kritesch verfollegen.

De 15. Dezember 2022 hu mir als CSV-Fraktioun en definitiven Devis iwwer 13.450.000 Euro fir dëse Projet am Gemengerot matgestëmmt, hunn awer och ëffentlech wësse gedoen, datt dësen Devis fir eis onkomplett ausgeschafft ass. Esou sinn d'Containeren, déi wärend den Aarbechten op der CFL-Parkplaz hannert dem Museksshaus opgestallt ginn, net chiffréiert. Esou wäerten d'Preparatioun vum Terrain (757.655,16 Euro) an de Kaf vun engem ugrenzenden Terrain fir d'Leitungen (1.190.000 Euro) d'Gemengekeess zousätzlech belaaschten. Net quantifizéiert sinn awer och den Ëmbau vum Schoulhaff an d'Ëmgestalte vum Foussgängertunnel. Guer net geplangt sinn d'Adaptatioun vu verschiddene Klassesäll fir d'Maison Relais an den Ëmbau vum Keller am lénke Fligel vun der Schoul.

***FR*** Suite au constat que le toit de l'école primaire devait être entièrement réfecté, l'idée est venue aux édiles communaux de créer un étage supplémentaire avec des salles de classe. Selon les propositions du Collège des bourgmestre et échevins, quelques salles de classe de la nouvelle aile de l'école pourront être déplacées sous



le toit, créant ainsi un espace supplémentaire pour la Maison Relais dans la nouvelle aile de l'école. In fine, on ne peut donc pas parler d'une extension du bâtiment scolaire, mais d'une transformation du bâtiment.

En raison des prescriptions légales, l'ensemble de l'ancienne aile de l'école doit par conséquent être adapté aux nouvelles règles en matière de sécurité des bâtiments. Ce chantier constituera certainement une période difficile pour nos écoliers et pour les enseignants, tant au niveau du bruit du chantier que

de la sécurité. Le groupe CSV Biisser réservera toute son attention sur cet aspect du chantier.

Le 15 décembre 2022, le groupe CSV a marqué son assentiment avec le devis définitif de 13 450 000 euros présenté par la Collège des bourgmestre et échevins. Il a cependant fait savoir qu'il juge le devis incomplet. En effet, les conteneurs prévus pour la durée du chantier sur le parking des CFL derrière la Maison de la Musique ne sont pas chiffrés. S'y ajoute que l'aménagement du terrain (757.655,16 euros), ainsi que l'achat d'un terrain adjacent pour les canalisations (1.190.000 euros) grèvent également le trésor communal. Le réaménagement de la cour de l'école et du tunnel piétonnier ne sont pas encore quantifiés. Les travaux pour adapter certaines salles de classe pour les besoins de la Maison Relais ainsi qu'une adaptation sécuritaire d'une partie du sous-sol ne sont pas du tout prévus dans le projet.

## FLOP ODER TOP? NEI INDUSTRIEZONE "AM SEIF"

Kuerz no de Gemengewalen huet d'Biisser Gemeng am Mee 2018 11 Hektar Land um Flouer "Am Seif" kaaft. D'Vertrieder vun Är Leit hunn sech ëmmer kritesch zu dësen Operatiounen am Gemengerot geäussert. Dofir freet d'Redaktioun vum "Op de Punkt" bäi de fréiere Schäffe Frank Clement a Carlo Mulbach no.

**Wéi koum et iwwerhaapt zum Kaf vun dësen Terrainen?**

An enger éischter Phas sollt den Datenzentrum vu Google net op de Buusbierg kommen, mee an de Seif. Allerdéngs krut den deemolege Schäfferot net genuch Terrainen op dësem Site zesummen. An de verschiddene Compromis de vente, déi den David Viaggi (LSAP) als 1. Schäffen am Joer 2017 mat ënnerschriwwen hat, gouf et awer d'Optioun, datt d'Gemeng an de Besëtz vun dëse Parzelle komme kéint, wa Google sech net am Seif kéint néierloossen. Den deemolege Wirtschaftsminister Etienne Schneider (LSAP) huet d'Biisser Gemeng encouragéiert, dës Optioun ze zéien.

**Firwat huet de Schäfferot d'Optioun gezunn?**

Mir wollte verhënneren, datt Industrie mat negativem Impakt op d'Liewensqualitéit vun de Biisser Awunner sech do néierloosse géif. Duerch de Kaf krut d'Biisser Gemeng fräi Hand, u wéi eng Betriber d'Terraine verkaaft kéinte ginn. Esou ass et gelongen, mat Rotarex a méi spéit mat RollingerTec Lëtzebuerger Famillјebetriber fir Biissen als Betribssëtz unzezéien, deemno Betriber, wou nach hei am Ländchen d'Decisioune geholl ginn an net iergendwou soss an der Welt.

Doriwwer eraus huet de CSV-Schäfferot déi staatlech Instanzen iwwerzeegt, fir aus enger regionaler Industriezone eng reng Biisser Industriezone ze maachen, woumatter d'Biisser Gemeng e méi héijen Undeel un der Gewerbesteier ze gutt huet.

**Huet d'Gemeng net ze vill Terrainen kaaft?**

Jo, mir hunn och missten en Akerland kafen, wou kee Betrib sech kéint néierloossen. Allerdéngs ware mir duerch déi ernimmte Compromisë vun 2017 gebonnen. Mir haten eis als CSV-Schäfferot juristesch berode gelooss a mir krute matgedeelt, datt mir aus dësem Compromis net méi erauskéimen.

**Firwat gouf Rotarex dann am Compromis eng Zoufaartsstrooss versprach?**

Wann een en Terrain un e Betrib verkeeft, da muss een hinnen



och en Zougang zu hirem Terrain garantéieren. Zum Zäitpunkt vum Terrainsverkaf u Rotarex war d'Gemeng nach net Proprietär vun enger Strëpp Terrain tëschent der existenter Strooss am ZAC Am Seif an dem Site Rotarex, d.h. et war net méiglech, fir hei direkt en Accès ze maachen. Et soll awer net vergiess ginn, datt och RollingerTec eng Zoufaartsstrooss fir d'Exploitatioun vun hirem Terrain braucht. Mam Reamenagement vum fréiere Feldwee entsteet dann awer och e wichtege Verbindungswee fir eng spéider Vëlospist tëschent Biissen a Miersch.

**Hätt een de Bau vun der Zoufaartsstrooss net engem privaten Investisseur iwwerloosse sollen?**

D'Erfarunge vun der Gemeng sinn net ëmmer déi bescht, wann e Privatinvestisseur eng Strooss baut, well hie baut just de strikte Minimum, zum Beispill wat den Duerchméisser vun de Réier ugeet. Esou géif e Privatinvestisseur och sécher keng Vëlospist bauen, déi herno de Biisser Awunner zegutt kënnt.

**War de Kaf vun den Terrainen e finanziellen Harakiri fir d'Biisser Gemengefinanzen?**

Neen, et ass just de Contraire. Natierlech kaschten d'Kafen an d'Tausche vun den Terraine ewéi och de Bau vun der Zoufaartsstrooss vill Suen an Aarbecht. Allerdéngs huet de Verkaf och nees Suen an d'Gemengekeess gespullt, esou datt ënner dem Stréch ronn 9 Millioune Boni gemeet gouf. Dëse Boni kann eise Schäfferot zum Beispill an de Bau vum Waasserbasséng um Jixenhaff investéieren, ouni en Emprunt opzehuelen.

Am ZAC Seif entstinn Aarbechtsplazen, och fir d'Awunner vun eiser Gemeng. Dës Aarbechtsplaze spillen och eng Roll bei der staatlecher Dotatioun. Doriwwer eraus wäerten d'Betriber Gewerbesteier bezuelen. Deemno wäerten och an Zukunft nach Suen an d'Gemengekeess fléissen, wat bedeit, datt déi nei Industriezone "Am Seif" e ganz profitabelt Geschäft ass, am Contraire zu engem CycloCroc, deen sech ënner dem Stréch ni fir d'Gemengekeess rentéiere wäert.

***FR*** Durant le mois de mai 2018, la Commune de Bissen a acquis 11 hectares de parcelles au lieu-dit « Am Seif ». Les élus du groupe "Är Leit" ont toujours critiqué cette transaction immobilière durant les réunions du conseil communal. C'est pourquoi la rédaction du „Op de Punkt" a interrogé les anciens échevins Frank Clement et Carlo Mulbach.

**Comment l'achat de ces terres s'est-il produit en premier lieu?**

Dans un premier temps, le centre de données de Google ne devrait pas s'implanter au lieu-dit "Buusberg", mais au lieu-dit "Am Seif". Cependant, le Collège des bourgmestre et échevins de l'époque n'a pas réussi à réunir suffisamment de parcelles sur ce site. Dans les différents compromis de vente, que David Viaggi (LSAP) a signé en tant que 1er échevin en 2017, il y avait la possibilité que la commune puisse entrer en possession de ces parcelles, si Google ne s'implémentait pas "au Seif". Le ministre de l'Economie de l'époque Etienne Schneider (LSAP) a encouragé la Commune de Bissen à saisir cette opportunité.

**Pourquoi le Collège des bourgmestre et échevins a opté pour cette acquisition?**

Nous voulions éviter que des industries ayant un impact négatif sur la qualité de vie des habitants de Bissen ne s'y installent. Grâce à l'achat, la municipalité de Biisser a eu carte blanche quant aux entreprises auxquelles le terrain pourrait être vendu. C'est ainsi qu'il a été possible d'attirer à Bissen des entreprises familiales luxembourgeoises telles que Rotarex et, plus tard, RollingerTec, c'est-à-dire des entreprises où les décisions de management se prennent encore au Luxembourg et nulle part ailleurs dans le monde.

S'y ajoute que le Collège des bourgmestre et échevins a réussi à convaincre les autorités étatiques de transformer la zone industrielle régionale en une zone industrielle purement locale. Par conséquent, la commune de Bissen bénéficiera d'une part plus élevée de l'impôt commercial.

**La municipalité n'a-t-elle pas acheté trop de terrains ?**

Oui, nous avons aussi dû acheter une terre agricole où aucune entreprise ne pourra s'installer. Cependant, suite à des avis juridiques demandés, nous étions liés par les compromis mentionnés de 2017.

**Pourquoi a-t-on promis dans le compromis avec Rotarex la construction d'une route d'accès ?**

Si vous vendez un terrain à une entreprise, vous devez également leur garantir un accès à leur terrain. Au moment de la vente du terrain à Rotarex, la commune n'était pas encore propriétaire d'une bande de terrain entre la route existante dans la ZAC Am Seif et le site Rotarex, il fallait donc acquérir cette bande de terrains pour garantir un accès direct. A noter que RollingerTec aura également besoin d'une route d'accès pour l'exploitation de son terrain. Avec le réaménagement de l'ancien chemin rural, une voie de liaison importante pour une future piste cyclable entre Bissen et Miersch sera créée en même temps.

**La construction de la route d'accès n'aurait-elle pas pu être confiée à un investisseur privé ?**

La commune n'a pas fait les meilleures expériences, lorsque des investisseurs privés construisent une route. Souvent, les investisseurs se concentrent sur le strict minimum, comme par exemple en ce qui concerne le diamètre des canalisations. S'y ajoute qu'un investisseur privé ne construirait certainement pas une piste cyclable qui profiterait plus tard aux habitants de Bissen.

**L'achat des terrains était-il un harakiri financier pour les finances communales de Bissen ?**

Non, c'est bien le contraire. Certes, l'achat et l'échange des terrains ainsi que la construction de la route d'accès coûtent beaucoup d'argent. Il ne faut cependant pas oublier que la vente a également fait couler de l'argent dans la caisse municipale en réalisant un gain d'environ 9 millions.

Cet excédent permet à notre commune d'investir notamment dans la construction du bassin d'eau au lieu-dit "Jixenhaff" sans devoir contracter un emprunt. De plus, des emplois ont été créés dans la ZAC Seif, et ceci également pour les habitants de notre commune. Ces emplois jouent également un rôle déterminant dans les dotations de l'Etat aux finances communales. S'y ajoute l'impôt commercial communal payé par les entreprises. Par conséquent, la nouvelle zone industrielle „Am Seif" est une affaire très rentable à moyen et à long terme, contrairement au projet "CycloCroc" lequel ne rapportera jamais ses investissements dans la recette communale.

# QUO VADIS MASTERPLANG 2030?

Am Oktober 2021 huet de Schäfferot (an Zesummenaarbecht mat der Firma MC Luxembourg) dem Gemengerot de Masterplang Biissen 2030 virgestallt. Sënn an Zweck vun dësem Masterplang sollt et sinn, d'Biisser Gemeng fir hir Awunner nohalteg opzeliewen an attraktiv ze gestalten.

De Masterplang sollt en informellt Planungsinstrument fir déi künfteg finanziell Entwécklung vu Biissen sinn an eng Bréck schloen tëschent dem Bléck an d'Zukunft an der haiteger Ausgangssituatioun.

Leider muss d'Biisser CSV feststellen, datt knapp 12 Méint no der Publikatioun vum Masterplang dëse Plang schonns Schnéi vu gëschter ass. Verschidde wichteg Projeten ewéi d'Crèche kommen nëmme ganz lues virun. Doriwwer eraus ginn aus haiteger Siicht de Virgabe vum "plan pluriannuel financier" bei 4 konkrete Projeten ëm e Villfacht iwwerschratt, ouni iwwerhaapt vun engem konkrete Finanzéierungsplang ze schwätzen.

Deemno stellt sech d'Fro, wéi et méiglech ass, datt ee mat ëffentleche Sue finanzéiert Planungsinstrument (58.500 €) schonns 12 Méint no senger Publikatioun säi Sënn gréisstendeels verfeelt huet.

**FR** En octobre 2021, le collège échevinal (en collaboration avec la société MC Luxembourg) a présenté le "Masterplang Biissen 2030" au conseil communal. L'objectif de ce schéma directeur doit être de rendre la commune de Bissen plus durable et plus attractive pour ses habitants.

Le plan directeur devrait être un outil de planification informel pour le développement futur de Bissen et il devrait établir une passerelle entre les perspectives et la situation de départ actuelle. De plus, le plan directeur devrait servir d'instrument pour le futur développement financier de la commune de Bissen.

Malheureusement, le groupe CSV Bissen doit constater qu'à peine 12 mois après la publication du plan directeur, ce plan est déjà de l'histoire ancienne. Plusieurs projets importants tel que l'annexe de la crèche, n'avancent que très lentement. Non seulement manque-t-il un plan de financement concerte, mais les chiffres estimés pour au moins quatre projets ont déjà été largement dépassés.

Comment est-il donc possible qu'un instrument de planification financé par l'argent public (58.500 euros) ait pu devenir presque inutile après à peine 12 mois suite à sa publication.

| PROJETS | MASTERPLANG BIISSEN 2030 | BUDGET 2023 OU DEVIS VOTÉ | DIFFÉRENCE | HAUSSE EN % |
|---|---|---|---|---|
| Place de l'Immigration (e.a. Mairie, Centre culturel) | 21,3 mio | 42,5 mio | + 21,2 mio | +99% |
| Nouvel atelier communal | 3,5 mio | 9,0 mio | + 5,5 mio | +157% |
| Rehausse Ecole primaire | 6,2 mio | 13,5 mio | + 7,3 mio | +117% |
| Nouveau bassin d'eau | 1,4 mio | 4,8 mio | + 3,4 mio | +243% |
| ***Totaux*** | ***32,4 mio*** | ***69,8 mio*** | ***+ 37,4 mio*** | ***+115%*** |

## PRETT FIR BIISSEN.

Eis Kandidate fir d'Gemengewalen 2023

1ère rangée: Patrick Sibilio, Véronique Piette, Joëlle Fagny ép. Kraus, Christian Hoscheid, Carlo Mulbach, Jean Vanek

2e rangée: Mike Graas, Maria Barros, Lena Ehmann, Frank Clement, Tânia Rei ép. Engel

